


Wou ass daat dooten ?



Esou ewéi ech iech schon's am Forum geschriwwen hun sinn ech net der Meenung dass är Postkaart eis hei dat Postgebäi vun Wäiswampech weist.

Wann der wëllt kuke mär mol zesummen ob dëss ganz interessant Postkaart a vergläichen se mat dem Här Wolter senger Foto déi eis Postgebai vun Wäiswampech weist.





Lenks är d'Postkaart, déi ech mol einfachhalber vun elo un just nach Postkaart nennen, riets d'Foto vum Här Wolter vum Postgebäi Wäiswampech, déi ech vun elo un einfach Wäiswampech nennen.

De Grondress vun deenen zwee Gebäier ass selwescht och erkenne mär op deenen béide Fotoen déi vertikal Steng un der Fassade.

Kuke mär eis elo mol d'Ennerscheeder all Punkt vir Punkt un.


Hei bleiwe mär mol bei deenen vertikalen Steng an der Fassade. (roude Feil)

Hei gett et bei der Diir een ennerscheed. Op der Postkaart stoussen dess Steng un Diir un zu Wäiswampech ass riets a lenks nach Fassade.



Breifkescht (grenge Feil) un der Fassade hängt op der Postkaart lenks an zu Wäiswampech riets vun dessen vertikale Steng.


Kuke mär eis elo mol d'Fensteren um eischte Stack un.



Zu Wäiswampech gesi mär een horizontalen Steen an och kleng vertikal Steng (orange Feil) ennert de Fensteren, a bei der Fenster an der Mett do ass genau dee selweschten Abstand (roude Feil) zu den vertikalen Steng an der Fassade.
Op der Postkaart fanne mär dest net.

Den Dach dee jo schon's vun iech ugeschwart ginn ass esou ewéi och d'Fensteren an der Annexe sinn och op beid Fotoen verschidden.

Mee wou stong dann elo dëst Postgebäi zu Wäiswampech ?



Ma dat stong genau hei.

Déi nächst Fotoen weisen eis Platz zu Wäiswampech wou Post stung. De Busarrêt hescht haut " Bei der alten Post".
Foto ennendrenner Postgebäi kurz éier et ofgerappt ginn ass.



Elo gi mär mol op Wäiswampech an dess Stroos a stellen eis esou ewéi de Fotograf op der Postkaart deemols stung.



Eist Postgebäi war jo hei lenks am Bild.



Vergläiche mär elo béid Fotoen mateneen, da gesi mär op der Postkaart hannert eiser Post ee Gebäi mat Fensteren a sengem Giewel an och ee Biërg. Op der Vue vun Haut ass keen esou een Haus an och keen esou ee Biërg ze erkennen.

Mär kennen an dat ass meng Meenung mat grousser Secherheet soen dass Postkaart eis net Post vu Wäiswampech weist.

Mee wou ass dat dann ?

Kann eis vilächt desse Wopen weider hellefen ?



Ech hoffen dir sidd net enttäuscht oder rosen dass ech net déier selweschter Meenung iwwer Platz oder d'Uertschaft sinn ewéi dir.

Ech wënschen iech awer nach vill Spaas mat ärer ganz schéiner an interessanter Postkaart an hoffen dass dir emol mat 100%'descher Secherheet erausfand wou dat war an och wat hei gefeiert gouw.

mbG
Claude